

## Propose vun déi Lénk :

### D'Investitiounspolitik vum Fonds de Compensation (FDC) nei iwwerdenken

-----

#### 1) Investitiounspolitik vum FDC ënnert d'Lupp huelen

Matt senger Zoustëmmung zur Agenda 2030 zu New York an zum Klimaofkommen zu Paräis, huet sech Lëtzebuerg 2015 zur Ënnerstëtzung vun enger globaler nohalterger Entwécklung verpflichtet. An deem Kontext gëllt et d'Investitiounspolitik vum FDC nei ze evaluéieren. Dréit déi Investitiounspolitik zu enger nohalterger Entwécklung bäi oder bewierkt se net grad de Contraire, wéi verschidden Akteuren aus der Zivilgesellschaft regelméisseg behaupten? Ass et eventuell néideg, qualitativ Kritären an d'Gesetzesbasis ze schreiwen, zum Beispill a wéi eng Firmen oder Secteure soll investéiert ginn (critères d'inclusion), bzw a wéi eng net däerf investéiert ginn (critères d'exclusion) ?

Esou eng Neibewäertung vun der Investitiounspolitik wär och d'Geleeënheet, fir dem allgemenge Wunsch no méi Politikkohärenz nozekommen a fir eventuell positiv Synergieeffekter zwëschen dem Fong an der lokaler Economie ze sichen, beispillsweis am Wunnengsbau.

#### 2) Beräicher déi eventuell missten nei evaluéiert ginn

**a) Fossil Energien :** Laut dem Kollektiv Votumklima huet den FDC aktuell Investitioune vu ronn 500 Milliounen Euro an Pëtrolskonzerner getätegt, zousätzlech nach Milliounen Euro an Kuelekonzerner. Den FDC géing Aktië vu 75 vun deenen 100 gréisste Pëtrolskonzerner halen an 78 vun deenen 100 gréisste Kuelekonzerner.

No der COP21 kéint Lëtzebuerg matt engem *désinvestissement* an deem Beräich e wichteg politescht Signal setzen, zemools wou déi eenzel Rentefongen weltwäit sech géigesäiteg beobachten. Doriwwer eraus ginn Investitioune an fossil Energien och ëmmer méi riskant, während den erneierbaren Energien e groust Potential zougeschriwwe ginn.

**b) Mënschen- an Emwëltrechter :** Sait 2011 ënnersicht eng schwedesch Beroderfirma (GES) am Optrag vum CA vum FDC den Investmentportfolio a stellt eng *liste d'exclusion* op, fir Entreprises auszuschléissen, déi géint international Konventiounen verstoussen, déi Lëtzebuerg ënnerschiwwen huet<sup>1</sup>. Déi Virgoensweis ass ze begréissen, well de lëtzebuerger Staat selbstverständlech net däerf finanziell vu Mënscherechtsverletzungen oder Ëmweltzerstéierung profitéieren an als Aktionär och matt responsabel ass bäi eventuelle Verstéiss.

Déi aktuell Virgoensweis a Saache sozial an ökologesch responsabel Investitiounspolitik gëllt et ze evaluéieren an eventuell unzepassen. Ëmmer erëm kënn aus der Zivilgesellschaft Kritik, dass den FDC sengem Usproch an deem Beräich net géing gerecht ginn, well vill Konzern, déi weinst

---

<sup>1</sup> « une exclusion normative portant sur des entreprises et sociétés respectant pas les normes ou conventions internationales ratifiées par le Luxembourg » (fdc.lu)

Menscherechtsverletzungen oder Ëmweltzerstëierung bekannt sinn (z.B. Vale, AngloGold Ashanti, Shell) net ausgeschloss ginn.

**c) Politesch Kohärenz iwwerpräifen :** A verschiddene Beräicher ass d'Investitiounspolitik vum FDC net kohärent matt der Regierungspolitik, bzw matt dem breede politesche Konsens am Land. Dat trëfft zum Beispill zou fir de Secteur vun der Atomkraaft (Investitiounen an EDF oder Areva), de genmanipuléierte Planzen (Monsanto, Syngenta, Bayer) oder der Tubaksindustrie (Philip Morris, Reynolds, British American Tobacco).

D'Politikkohärenz ass eng Fro vu Kredibilitét a gëtt vun alle Parteien an der Chambre regelméisseg erbäi gewënscht. Bäi enger Iwwerpräiwung vun der Investitiounspolitik vum FDC kéint dobäi e wichtege politesche Schratt gemaach ginn.

**d) Synergie matt der lokaler Wirtschaft sichen :** Den FDC geréiert aktuell Fonge vu ronn 15 Milliarden Euro, déi gréisstendeels weltwäit an Aktien an Obligatiounen investéiert sinn. Dëst, vir engersäits en héije Rendement ze errechen an anerersäits de Risiko esou wäit wéi méiglech ze streeën. D'Sich no verstärkte Synergië matt der lokaler Wirtschaft zu Lëtzebuerg an der Groussregioun kéint doriwwer eraus awer e grousst Potential bidden, zum Beispill am Wunnensbau oder bäi der Ënnerstëtzung vu klengen a mëttlere Betriber.

### **3) Propose fir eng Virgoensweis**

Wëschenswäert wär eng Debatt an der Chambre matt Rapport. Jiddwerfalls sollt déi zoustänneg Kommissioun déi verschidden Akteuren op deem Thema héieren (Responsable vun der Regierung a vum FDC, Zivilgesellschaft, Sozialpartner an eventuell aner Experten) an eventuell Empfehlungen un d'Regierung aussprechen.

Serge Urbany

Député